



Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo ageschriwwen als Riedner: déi Häre Mosar, Arendt, Angel a Reding.

An ech géif direkt d'Wuert un d'Madame Rapportrice vum Projet, d'Madame Viviane Loschetter, weiderginn.

### 9. 6562 - Projet de loi renforçant le droit des victimes de la traite des êtres humains et portant modification

(1) du Code pénal;

(2) de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse;

(3) de la loi du 8 mai 2009 sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile;

(4) de la loi du 29 août 2008 portant sur la libre circulation des personnes et l'immigration

#### Rapport de la Commission juridique

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet huet als Zil, d'Rechter vun de Victimes vun der Traite des êtres humains, dat heescht vum Menschenhandel ze verstärken. Domadder gëtt souwuel de Code pénal adaptéiert a verschiddenen Artikelen wéi och d'Gesetz vum 12. März 1984 iwwert d'Indemnisation de certaines victimes de dommages corporels, d'Gesetz vum 8. Mee 2009 iwwert d'Assistance, d'Protection an d'Sécurité vun de Victimes vun der Traite an d'Gesetz vum 29. August 2008 iwwert d'Libre circulation des personnes. A mat dësem Gesetz setze mer d'Direktiv 2011/36/UE an en nationaalt Gesetz ëm.

Dëse Projet ass den 11. Abrëll 2013 déposéiert ginn, dat heescht eng Woch no deem leschten Délai vun der Transposition vun der Direktiv. Dat heescht mir hunn Urgence en la matière.

D'Kommissioun huet sech den 18. Dezember eng éischte Kéier mat dësem Projet befaasst, an ech wëll vun hei aus alle Bedeelegten e grouse Merci ausrichten, déi mat dozou bäigedroen hunn, dat mer konnten esou séier d'Aarbechten ofschléissen an de Projet haut zum Vote presentéieren.

D'Traite des êtres humains ass wuel eng vun de violenteste Formen, fir géint d'Menscherechter ze verstoussen, an ass sonner Zweifel der Sklaverei gläichzestellen.

Eleng an der EU ass mat bal 900.000 Victiminnen ze rechnen. D'Organisation Internationale du Travail schätzt weltwäit d'Zuel vun de Victiminnen vun der Traite op ronn 21 Milliounen. Et ass en extrem lukrativt Geschäft, geschat an de Parag vu 25 Milliarden Euro.

Et gi vill verschidde Formen, fir Menschen ausbeuten. Déi heefegst si sonner Zweifel de Sexhandel mat ronn 60% an den Handel vun der Aarbechtskraaft mat ronn 23% vun alle Victiminnen.

Tëscht 2008 an 2010 ziele mer 68% Fraen, 12% jonk Meederchen, 17% Männer an 3% Jongen. Et gëtt eng Genderkonnotation an dësem Handel. D'Frae ginn éischter fir de Sex méissbraucht - 96% vum Sexhandel si Fraen - an d'Männer als Aarbechtskraaft - 77% vun der Aarbechtssklaverei si Männer.

E beonrouegende Phenomeen ass, dass innerhalb vun der EU 44% vun de Victiminnen Member vun der EU sinn, meeschtens aus Bulgarien oder Rumänien.

Säitdeem Lëtzebuerg d'Convention sur la lutte contre la traite des êtres humains vum Conseil de l'Europe ëmgëst huet, hu mer elo éischt Statistiken am GRETA-Rapport virleien, e Rapport, deem de 14. Januar 2014 publizéiert ginn ass an den 12. Februar (veuillez lire: den 12. März) - haut - an der Commission juridique presentéiert ginn ass.

Dräi Victiminnen sinn 2009 identifizéiert ginn, dovunner zwou Fraen an ee Kand; siwe Victiminnen am Joer 2010, dovunner sechs Fraen an ee Mann; aacht Victiminnen am Joer 2011, dovunner siwe Fraen an ee Kand, a véier Victiminnen am Joer 2012, dovunner zwou Fraen, ee Mann an ee Kand.

Mir hunn awer och éischt Donnéeën iwwert

d'Täter duerch den éischte Rapport aus dem Joer 2013 iwwert den „trafficking in human beings“, vum Eurostat publizéiert:

2008 sinn aacht Männer weinst Menschenhandel identifizéiert ginn, 2009 sinn et der dräi an 2010 fënnf Männer an eng Fra. Bei de Verhaftungen fanne mer meeschtens de Sexhandel als Cause erëm. 2009 ware véier vu fënnf Verhaftungen weinst Sexhandel an am Joer 2010 waren et der 15 vun 29 Verhaftungen. 2008 si véier Uerteeler prononcéiert ginn, sechs am Joer 2009 an, bemierkenswäert, 29 am Joer 2010.

Sief nach preziséiert, dass Lëtzebuerg an dësem Kontext net nëmmen d'Convention vum Conseil de l'Europe ënnerschriwwen huet, mä och nach eng ganz Rei vu Konventionen ratifizéiert huet, fir sech am Kampf géint de Menschenhandel staark ze maachen. Dir fannt déi am schrëftleche Rapport, ech zielen déi elo net all op.

Zu Lëtzebuerg hu mer kee spezifesch Aktions- oder Strategieplang fir spezifesch Menschenhandelsfroen, mä mir hunn en nationalen Egalitéits-Aktionsplang 2009-2014, wou och dës Fro mat ernimmt gi sinn, ouni allerdéngs spezifesch Mesurë virgesinn ze hunn.

De Moment gëtt et nach en informellen interministerielle Comité „Traite“, deem d'Aktioune aus de verschiddene Ministeren ofstëmmt, an dëst mat grousser Effikassitéit.

Dësen informelle Comité gëtt dann awer elo duerch e Comité de suivi de la lutte contre la traite des êtres humains ersat, esou wéi et virgesinn ass am Gesetz vum 2009, an domadder wär deem informelle Comité eigentlech institutionaliséiert. Sief och nach bemierkt, dass dat Reglement vum Gesetz 2009 vum Statsrot erëmkommen ass a prett ass, fir direkt an Applikation ze kommen. Et sinn haaptsächlech de Justizministère, de MEGA, den Intérieur an den Ausseministère, déi sech am Comité de suivi wäerte concertéieren.

D'Direktiv schreift och fir, dass all Memberstat e Rapporteur national nomméiere muss, fir de Suivi vun den Aktioune ze garantéieren. D'Commission juridique, no kuerzer Diskussion, huet dësen Opdrag der Commission consultative des droits de l'Homme ginn. D'Commission juridique ënnertricht allerdéngs och, dass d'Commission consultative iwwert déi noutwendeg Moyene muss kënnen verfügen, oder misst kënnen verfügen, fir dës wichtege a schwiereger Mission gerecht ze ginn.

Wat sinn dann elo déi wichtege nei Elementer an dësem Projet de loi? Et sinn der haaptsächlech zwee.

Éischstens: Virun allem gëtt d'Definition vun dem Begriff „victime de la traite des êtres humains“ méi breet an och méi prezis gestallt. Den Artikel 382-41 vum Code pénal kritt zwou Notioune bäi: éischstens d'Mendicité forcée an zweetens den Trafic d'enfants.

D'Mendicité forcée gëtt gläichgestallt mat der Notion vun „travaux“ oder „services forcés“, esou wéi se definéiert ass an der Convention vun der OIT vum 1930. D'Mendicité forcée ass en Acte de traite, soubal déi Persoun, déi heescht, dofir rekrutéiert, transportéiert oder empfaange ginn ass.

Dat ass eng wichtege Neierung, wëssend, dass mir och hei zu Lëtzebuerg mam Phenomeen vun der Mendicité konfrontéiert gi sinn an et oft schwiereg ass, adequat ze reagéieren.

Iwwregens, de Moien an onser Commission juridique huet de Procureur Frising dat och nach eng Kéier ënnerstrach. En huet gesot, dass eigentlech d'Mendicité forcée sech schwéier mat penale Mesurë bekämpfe léisst oder et schwéier ass, mat penale Mesuren eppes ze erreechen, an dass et éischter e soziale Problem ass.

An der Kommissioun ass eng interessant Diskussion opkommen iwwert d'Mendicité en général an déi kloer Trennung, déi ze maachen ass tëscht Mendicité simple ou de besoin an der Mendicité forcée. Mir sinn zur Konklusion komm, dass et am Kontext vun dësem Projet de loi, dee sech mat der Traite beschäftegt, mam Menschenhandel beschäftegt, net ubruecht wär, eng Vermeschung vun dësen zwou Formen vu Mendicité ze maachen.

D'Kommissioun huet iwwer en Amendement de Begriff vum Kannerhandel wëllen an dëst Gesetz mat erabréngen, well mer zu Lëtzebuerg leider zwee bekannt Fäll vu Kannerhandel hunn. Op Suggestioun vum Statsrot gëtt den Artikel 382-1 komplettéiert mam Begriff vun „vente d'enfants“.

D'Kommissioun huet sech och verséichert, dass de Prélèvement d'organes genuch reglementéiert ass, fir net mussen am Kader vun der Traite berücksichtegt ze ginn.

Dann zweetens, wichtege Pool vun Erneierungen: d'Victime kritt méi Rechter. Et gëtt kloer gestallt, dass d'Assistance e Recht ass, dass net gekoppelt ass un d'Kollaboration vun der Vic-

time. Eleng d'Méiglechkeet, fir gegebenenfalls en Titre de séjour ze kréien, ass un d'Kooperation gekoppelt, mä d'Assistance net.

D'Victime vun der Traite ass dispenséiert, fir mussen eng Plainte écrite ze maachen. D'Kommissioun ass allerdéngs der Meinung, dass et wichtege ass, dass och d'Victime vun der Traite sollen eng Plainte écrite maachen, a freet, dass all implizierten Acteur dofir sensibiliséiert gëtt.

D'Victime si laut Artikel 8 vun der Direktiv fräi vu Poursuite weinst illegalen Akten, déi si am Kader vun hirer Condition en victime, als Victimine gemaach hätten. Dozou ass ze soen, dass dës Absence de poursuites schonns säit Joren hei am Land applizéiert ginn ass a vum Comité interministériel suivéiert ginn ass. Déi présu-méiert Victiminnen aus Drëttlänner kréien d'Méiglechkeet vun engem Délai de réflexion vun 90 Deeg an en Titre de séjour, ënnert der Bedingung, dass se kollaboréieren.

Ech wëll och do nach eng Kéier preziséieren an, entschëllegt mech, Här President, wann ech e bëssen..., well et ass awer e ganz komplex Thema: Och de Moien hu mer am Kader vum Rapport GRETA nach eng Kéier ënnerstrach, dass mir als Lëtzebuerg eigentlech ganz generéis si mat deenen 90 Deeg de réflexion, well déi sinn esou net virgesinn an der Direktiv an et gëtt keen anert EU-Land, wat esou generéis ass mam Délai de réflexion.

Ech sinn allerdéngs perséinlech der Meinung, dass deem Délai de réflexion net vu Muttwëll ass, wëssend, dass mer awer nach ëmmer - trotzdeem - eng Plaque tournante vun der Prostitution, och vu Menschen aus Drëttlänner, hei zu Lëtzebuerg sinn. Dëst - eben deem Titre de séjour -, fir de Risiko ze ëmgoen, dass d'Victimes vun Drëttlänner eben expulséiert ginn, och.

Den Artikel 17 vun der Direktiv proposéiert, dass all Victimine, egal ob aus engem Memberland vum Conseil de l'Europe oder net, déiselwecht Rechter op Indemnitéiten huet.

Hei zu Lëtzebuerg brauch d'Victime hir Incapacité de travail oder de Préjudice subi net ze beweisen, well et logesch schéngt, dass eng Persoun victime vun der Traite en Dommage physique et/ou psychique erlidden huet.

Déi Victiminnen, déi am Ausland net kënnen indemniséiert ginn, ginn zu Lëtzebuerg entschidegt, wa se bewiese kënnen, dass si hire festen a regelméisseg Wunnsätz hei zu Lëtzebuerg hunn.

Mir sinn och hei zu Lëtzebuerg all Joers konfrontéiert mat mannerjährege Victiminnen, dat ass och en neien Aspekt. Dëse Projet de loi geet dofir och méi spezifesch op d'Rechter vu Mannerjähregen an. Et ginn dräi Fäll genannt, wou eng mannerjähreg Persoun e Recht op en Tuteur huet: éischstens, wann et keng erwuesse Persoun gëtt, déi fir déi mannerjähreg verantwortlech ass; zweetens, wann et laut Gesetz e Conflit d'intérêts gëtt tëscht der Persoun mat der Autorité parentale an där mannerjähreger an net an hirem Intérêt supérieur kann agéiert ginn, an drëtzens, wann et laut Gesetz vun der Natioun vun der Victimine e Conflit d'intérêts gëtt tëscht der Persoun mat der Autorité parentale an der Victimine an net an hirem Intérêt supérieur kann agéiert ginn.

D'Victime gëtt esou laang vun hirem Tuteur vertrauden, wéi déi Situatioun aktuell ass oder bis se vun enger Autoritéit vun hirem herkommleche Land en charge geholl gëtt. Datselwecht gëllt och, wann et Onkloerheete gëtt iwwert den Alter vun der Victimine, mä ugeholl ka ginn, dass se mannerjähreg ass.

D'Commission consultative des droits de l'Homme begréisst dëse Projet de loi, mä méi speziell och, dass d'Mendicité forcée als Traite definéiert gëtt. Si wënscht sech, dass dat Gesetz sech soll kloer positionéiere par rapport zum Délai de prescription vun Akten, déi op Mineurs begaange ginn, a freet sech, ob den Tuteur un den Tribunal de la jeunesse oder un den Tribunal des tutelles ugegliddert gëtt.

Si hätt sech och en Droit de séjour ouni Obligation de coopérer kënnen virstellen. Iwwregens, dass ass och eng Recommendation vum GRETA-Rapport. Si wënscht sech - elo d'Commission consultative -, dass d'Proposition de directive fir Produits vu Crimes anzefréieren, méi séier viragedriwwen gëtt. Schlussendlech freet d'Commission consultative des droits de l'Homme e Posten a finanziell Méiglechkeeten, fir kënnen eng adequat Assistance des victimes ze garantéieren.

Fir den Avis vum Statsrot an de Commentaire des articles verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Merci, Här President, fir d'Méiglechkeet gehat ze hunn, méi laang ze schwätzen. Et wär net anescht méiglech gewiescht, fir e komplette Rapport ze maachen. An ech ginn an engems dann awer och den Accord vun der grénger

Fraktioun zu dësem wichtege Projet.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Rapportrice. Dann huet als Éischten d'Wuert den honorablen Här Laurent Mosar.

#### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Menschenhandel ass ee vun deenen onappetit-lechsten a ruckelzegste Phenomeener, mat deene mir an eise Gesellschaften konfrontéiert sinn. Émmer méi Menschen, ganz besonnesch Fraen, awer och ëmmer méi Kanner, ginn Affär vu Menschenhändler, deenen all Méttel recht sinn, fir hir lukrativ Aktivitéiten op deenen hirem Réck kënnen ze dévoppéieren.

An net méi spët wéi haut ass de Rapport vun der UNO-Beoptragter iwwert de Kannerhandel erauskomm. A wann een déi Zuelen do kuckt - ech hu se just kuerz kënnen iwwerkucken -, si se beängschtegend, well anscheinend déi Zuelen extrem eropginn. Do ginn och haaptsächlech zwou Ursachen uginn. Dat eent ass, an dat muss engem am meeschten ze denke ginn, déi sozial Hemmschwell, besonnesch fir Sex mat Kanner, ass ganz staark erfogaangen. D'niement spillt awer och den Internet eng ëmmer méi grouss Roll. A wéi gesot, dass mécht engem eigentlech net allze vill Hoffnungen, wann een déi Zuelen do gesäit.

De Menschenhandel ass souwéiso ee vun deenen aggressivsten Ugrëff op d'Dignitéit vun engem Mensch a senger Grondrechter. An dofir ass et och wichtege, dass mer haut dat Gesetz do stëmmen. Ufänke wéilt ech mat engem Merci un eis Présidente-rapportrice, déi e ganz exzellente schrëftlechen an och mündlechen Rapport gemaach huet. Si huet dat als Netjuristin gemaach, an ech muss soen: Chapeau! Madame Présidente-rapportrice, Dir hutt dat ganz gutt gemaach.

Ech brauch dofir och net an den Detail vun deenen eenzelnen Dispositionen ze goen. Just e puer méi grondsätzlech Iwwerleeungen an och vläicht e puer kleng Kritiken. Ech hat dat och schonn an der Kommissioun gesot: Ech bedauern e bëssen - dat ass dann e Virwurf un déi viereg an och e bëssen un déi heitege Regierung -, dass trotzdeem relativ laang mat der Transposition vun där Direktiv gewaart ginn ass. D'Explikation, déi ech kritt hunn, ass eng logesch: de Manktum u Leit. Trotzdeem, an ech mengen, mir sinn eis och do eens, esou ee Gesetz, wat wierklech hei de Kampf géint de Menschenhandel als Objektiv huet, sollt trotzdeem eng gewësse Prioritéit, mengen ech, och an engem Ministère de la Justice kréien.

Ëm wat geet et elo fundamental an dëser Direktiv? Fir d'Éischt gëtt e sougenannten nationale Rapporteur iwwert de Phenomeen vum Menschenhandel instauréiert, an do ass no längeren Diskussionen, och an der Commission juridique, decidéiert ginn, dass déi Mission sollt vun der Commission consultative des droits de l'Homme iwwerholl ginn. Meng Fraktioun an ech selwer sinn och iwwerzeegt, dass dës Mission optimal bei där Kommissioun domiciliéiert wäert sinn. An ech sinn och iwwerzeegt, esou, wéi ech déi Leit kennen, dass si déi Mission mat ganz vill Engagement a Fingerspitzegeduld wäerten ausféieren.

Ech kommen allerdéngs net derlaanscht, Dir Dammen an Dir Hären, op eng Remarque anzegoen, déi de Statsrot a sengem Avis virbruecht huet, wat d'Attitud vun der Madame Médiateure an dësem dach äusserst kriddelechen a sensibelen Dossier ugeet. De Statsrot ënnertricht nämlech zu Recht, dass et net ka sinn, dass eng éffentlech Institution Forderungen un de Législateur stellt a gläichzäiteg seet, wann dës Forderungen net géifen erfëllt ginn, si net méi interesséiert wär, fir dës Mission auszufëllen. Dëst ëmsou méi, wann ee weess, dass eng vun den Exigenzen vun der Madame Médiateure war, en Abléck a penal Dossieren ze kréien, wat jo absolut net méiglech ass, an ech mengen, de Parquet huet dat jo nach eng Kéier kloer ënnerstrach. Ech deelen dofir och d'Iwwerraschung vum Statsrot par rapport zu där Attitud vun der Madame Médiateure.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat selwer 2009 de Pleséier, Rapporteur iwwert d'Gesetz vum Afferschutz ze sinn. An dofir muss ech soen, dass dëse Projet nach eng Kéier de Schutz vun den Affär vun Menschenhandel verstärkt, andeems verschidden Dispositionen an eise Code d'instruction criminelle ageschriwwen ginn, fir d'Éischt wat d'Plainte ubetrëfft, déi vun allergréisster Wichtegkeet sinn, well ebe justement, wéi d'Madame Rapportrice dat och schonn ënnerstrach huet, keng schrëftlechen Plainte méi muss gemaach ginn an d'Affär och net poursuivéiert gëtt, wann et direkt oder indirekt en enger Strofdot bedeelegt war.

Mä déi wichtigst nei Disposition ass awer, dass déi zukünfteg Affär, déi aus Drëttlänner kommen, an Zukunft automatesch an de Ge-





noss vun enger Openthaltsgenehmegung kommen, ënnert där Konditioun natierlech, datt se aktiv matschaffen un de Poursuiten.

Dëse Projet, Här President, ass also e wichtege Mosaiksteen an der Bekämpfung vum internationale Mënschenhandel. An dofir wäerte mir och dëse Projet mat Iwwerzeegung stëmmen.

Ganz zum Schluss, erlaabt mer awer nach op ee Punkt ganz kuerz zrëckzekommen, deen och scho vun der Madame Loschetter ugeschwat ginn ass, nämlech dee vun der Mendicitéit. Fir meng Fraktioun a fir mech selwer ass d'Thematik vun der Mendicitéit eng ganz wichteg, ganz besonnesch an der Relatioun mat Kanner, déi gebraucht oder mëssbraucht ginn, ganz oft am Kontext vun der organisierter Kriminalitéit. Mir deelen natierlech och do d'Meenung, déi och scho vun der Madame Loschetter virdrun hei virgedroe ginn ass, datt een net eleng mat repressive Methoden hei ka virgoen, mä datt een och do e Gesamtkonzept vu sozialem Endcadrement bräicht.

Nach géife mir awer d'Regierung, Här Justizminister, bidden, de Sujet vun der Mendicitéit an enger vun deenen nächste Sitzunge vun der Commission juridique ze diskutéieren an och vläicht e bësschen ze kucken, wat fir eng Pisten eis Nopeschlänner do ageschloen hunn, well do fënnt een notamment am franséischen Text awer déi eng oder aner interessant Pist.

Dat gesot, géif ech hei nach eng kéier den Accord vu menger Fraktioun bréngen an lech Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Mosar. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Arendt.

► **M. Guy Arendt (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice fir d'Éischt e ganz grouse Merci ausdrécke fir hiren ausféierleche Rapport, an deem se op déi wichteg Punkte vun dësem Projet agaangen ass. Meng Virriedner hunn am Fong och schonn e groussen Deel skizzéiert, esou dass ech mech kann e bësse méi kuerz faassen.

De Projet de loi, iwwert dee mer de Mëtteg hei schwätzen, behandelt de Mënschenhandel; eigentlech en Thema, un dat mir net esou oft denken, well et fir eis selbstverständlech ass, dass d'Mënscherechter geschützt ginn. Mir mussen awer leider erëm feststellen, dass et och an eisem Land Situatiounen ginn, wou Mënsche kaaft a verkaaft ginn, wou si géint hire Wëlle fir sexuell Zwecker ausgebeut ginn a wou si fir en Apel an e Stéck Brout versklaavt ginn.

D'Zuel vun den opgedeckte Fäll huet iwwergens zougehoen, wat beängstegend ass. Dës Situatioun ass wierklech net ze erdroen. An dofir ass et wichteg, dass mir weider opmierksam sinn, dass déi fundamentaalt Rechter, déi d'Mënschen hunn, net mat Féiss getrëppelt ginn.

Dëse Gesetzestext ass e wierkleche Schrëtt an déi richteg Richtung, fir sécherstellen, dass all eis Matmënschen an hire Rechter an an hirer Dignitéit respektéiert ginn. D'Asetze vun engem nationale Rapporteur garantéiert, dass d'Fäll vu Mënschenhandel direkt erkannt ginn. D'Commission consultative des droits de l'Homme ass do a mengen Aen dat richteg Gremium, fir ze handeln.

D'Verstärkung vun de Rechter vun den Affer stellt sécher, dass dëse Persounen esou schnell wéi méiglech geholfe gëtt. Besonnesch wichteg ass et och, dass déi Mannerjähreg zousätzlech a Schutz geholl ginn, well si ëmsou méi verletzlech sinn. Duerch d'Erweiterung vun de Praktiken, déi als Mënschenhandel gezielt ginn, gi mer eis Mëttel, fir den Täter et net ze erlaben, juristesche Grozonen ze notzen.

Ech wëll nach eng kéier drop hiweisen, dass eist Zesummeliwwen op géigesäitegem Respekt baséiert an dass deem enge seng Rechter do ophalen, wou deem anere seng ufänken. Licht verletzlech Mënsche brauchen also eise verstärkte Schutz. Dëse Gesetzestext stellt sécher, dass all Mënsch säi Liewen esou gestalte kann, wéi hien oder hatt dat wëllt, ouni dass de fräie Willen erstéckt gëtt.

Här President, ech bréngen heimadde och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text an ech soen lech villmools Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Arendt. Den nächste Riedner ass de Marc Angel.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech och direkt dem Merci fir d'Madame Loschetter uschlësse fir hire gudder mëndlechen a schréftleche Rapport, an deem se wierklech all Facettë vum Mënschenhandel, och mat Zuelematerial, dat iwwergens erschreckend ass, belicht huet,

an och d'Avisen, déi mer zu deem Projet kritt hunn, a virun allem och d'Aarbechten, déi flott Aarbechten, déi mer an der Commissioun zu deem schrecklechen Thema haten, exzellent resuméiert huet.

De Mënschenhandel ass en Deel vun der organisierter Kriminalitéit, wat jo eng Kriminalitéit ass, déi keng Grenze kennt. Dofir ass et och wichteg, dass d'EU sech deem Dossier ugehoen huet, well eleng als Lëtzebuerg kéinte mer hei net vill maachen. D'LSAP begréisst dëse Projet de loi a mir wäerten deem och zoustëmmen.

De Mënschenhandel ass deen infektsten, deen dégoûtantsten - an ech muss oppassen op meng Wierder hei an deem héijen Haus -, et ass wierklech dee schlëmmsten Handel, well d'Wuer, d'Wuer ass hei de Mënsch. Aner illegal Händel, Drogenhandel, Waffenhhandel, do muss eppes produzéiert ginn. Hei gëtt mat Mënsche gehandelt, déi einfach geholl ginn aus hiren Dierfer, aus hiren Familljen erausgerass ginn, aus hire Stied, aus hire Länner. Et ginn do keng Produktiounskäschten, wat de Mënsch ubelaangt. An dofir gëtt och esou vill Geld mat deem infekten Handel verdéngt. Dofir ass et gutt, dass mer haut hei dee Projet de loi hunn.

De Mënschenhandel ass eng vun deene schlimmste Verletzungen vun de Mënscherechter an och vun der Dignité humaine. An de Mënschenhandel concernéiert eng ganz Rei vu Verstéiss, e verstéist géint eng ganz Rei vun onantastbare Rechter, déi och an der Europäescher Konventioun vun de Mënscherechter niddergeschriwwen sinn. An dat ass de Respekt vun der Intégrité physique. Affer vu Mënschenhandel leiden, sinn Affer vu Gewalt. Aner Rechter sinn d'Interdiction de la torture, d'Interdiction de l'esclavage an och de Verbuet vum Travail forcé.

A grad dëst Gesetz ass wichteg, well et eben iwwert de Mënschenhandel geet a virun allem den Affer hir Rechter stäerkt.

D'LSAP-Fraktioun begréisst och, dass mer méi wäit gaange si wéi d'Direktiv an dass mer d'Kanner duerch Amendementer, déi mer an der Commissioun gemaach hunn, mat erageholl hunn, esou dass den Trafic d'enfants elo Bestanddeel vun dësem Projet de loi ass. An dat war och interessant, dass mer am Avis vun der Mënscherechtscommissioun, wat iwwergens en exzellenten Avis war, gesinn hunn, dass et am Joer 2011 zu Lëtzebuerg effektiv aacht Affer gouf vu Mënschenhandel, dorënner siwe Fraen an och ee Kand. Dofir fannen ech et gutt, dass mer déi Amendementer gemaach hunn. Och wa mer en Hin an Hier mam Statsrot haten, dass mer et op enger anerer Plaz ageschriwwen hunn, wéi mer ursprénglech virgesinn haten, mä d'Kanner sinn elo dran.

Am Kampf géint de Mënschenhandel, Dir Dammen an Dir Hären, mussen mir als Législateur, mussen d'Leit um Terrain - an dat sinn d'Gerichter, d'Police, d'Douane, d'ITM, d'Sozialaarbechter vun den ONGen -, all déi Leit, déi domat ze dinn hunn, mussen méi intelligent sinn, méi ingénieux sinn an och méi tenace si wéi déi Kriminell, wéi déi Täter, wéi d'Mënschenhändler tout court.

Dofir ass dee Volet vun der Formation, vun der Informatioun esou wichteg. An dofir huet et mech gefreet, de Moien an der Commission juridique ze héieren vun de Vertrieder vum Ministère de l'Égalité des chances an och vun de Vertrieder vum Justizministère, dass amgaangen ass dorunner geschafft ze ginn, dass zwou Campagnen gemaach ginn: eng Campagne, déi sech richt op d'Victimen, déi ganz wichteg ass, an awer och eng Campagne, déi sech richt op all d'Acteuren um Terrain an och un de grand Public. Well, wat d'Zwangsarbecht ubelaangt, den Travail forcé, do soen d'Statistiken, dass 80% vum Travail forcé innerhalb vu Ménages sinn, an Haiser, wou Leit Personal beschäftegen illegal, an déi och Affer si vu Mënschenhandel.

Här Minister, erlaabt mer, lech och Merci ze soen, dass mer endlech e Règlement grand-ducal kréien op Basis vum Gesetz vum 8. Mee 2009 sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes vun der Traite. Et ass e Gesetz, wat mer 2009 gestëmmt hunn. Mir hu laang gewaart op de Règlement grand-ducal, deen de Comité interministériel regelt. Ech gesinn, dass déi Initiativ vum Här Bodry am Ufank vun dëser neier Legislaturperiod friichten dréit, wou e gesot huet: „Mir mussen oppassen, mir hunn eng Retsch Gesetzer, fir déi mer d'Règlements grand-ducaux net hunn.“

Hei, Här Minister, soen ech lech Merci, dass mer dat elo hunn. An ech sinn och frou, dass an deem neie Comité interministériel och de Ministère du Travail duerch d'ITM dran ass, well et och hei ëm Travail forcé geet.

Lëtzebuerg krut, wat de Mënschenhandel ugeet, och eng gutt Zensur vum GRETA. Dat ass de Groupe d'experts sur la lutte contre la traite des êtres humains vum Conseil de l'Europe. Dat ass en objektive Rapport a mir kruten deen de Moien en long et en large an der

Commission juridique erkläert. Et ass en objektive Rapport.

Et ass e Rapport, bei deem Lëtzebuerg beim Ausschaffe vum Mechanismus vum Rapport matgemaach huet. Et ass e Rapport nom Modell vun der Évaluation par les pairs an et ass also e multilaterale Rapport an et ass net den unilaterale Rapport wéi deen amerikaneschen TIP-Rapport, „Trafficking-in-Persons“-Rapport, wat en unilaterale Rapport ass, an deem Lëtzebuerg anscheinend virgeworf kritt, mir hätten net genuch gemaach dëst Joer an dem Kampf géint de Mënschenhandel. Op jidde Fall, wann deen amerikanesche Rapport erauskënnt, dat wäert eis, an ech mengen eis alleguer hei am Haus, ganz kal loossen, well mir wëssen, wat am GRETA-Rapport steet.

Eng lescht Interventioun: Am GRETA-Rapport ass eng Recommandatioun, dass mer sollen an eise Code pénal e festen Tatbestand aschreiw, wann een engem e Pass ewechhëlt oder all d'Documents, also d'Carte d'identité, e Pass oder all Dokumenter ewechhëlt, well dat geschitt deenen Affer vu Mënschenhandel jo. Dat Éischt, wat gemaach gëtt: Si kréien hir Pabeiere geholl, hir Identitéit geholl. An dofir misste mer an eise Code pénal e spezifischen Tatbestand aschreiw. Wéi ass der Regierung hir Position dozou?

Dat gesot an dat gefrot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn nach eng kéier den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem enorm wichtige Projet de loi.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Angel, dee wann ech gelift d'Auer genee am Bléck soll halen. Villmools Merci.

(Interruptions)

Här Angel, dat ass d'Prärogativ vun der Conférence des Présidents.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Wou ech leider net dra sinn.

► **M. le Président.** - Voilà, wou Der leider net derbäi sidd.

(Interruption et hilarité)

Dann huet d'Wuert den honorabelen Här Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Léif Kolleegen, dat hei ass effektiv e ganz wichtigen Text an ech wollt der Rapportrice, der Madame Loschetter, mä och menge Virriedner Merci soe fir hire groussen Asaz. Et mierkt een, datt an där Commissioun och mat Emotioun a mat ganz vill Courage un där Saach hei geschafft ginn ass.

De Laurent Mosar huet ganz besonnesch recht, wann en op déi ruckelzeg Praktiken ageet, déi et gëtt, fir Kanner, mä awer och eeler Leit, zur Mendicitéit ze zwängen, eppes, wat heimat vläicht net komplett an de Grëff kënnt, mä awer kann an de Grëff geholl ginn.

Ech hunn ee kleng Bémol, an dat ass: Wa mer schwätze vu Saache wéi Kannerhandel oder och wéi Organhandel, fannen ech, datt déi stroferechtlech Mesuren, déi mer hei virgesinn an déi bis nëmme fënnf Joer Prisong ginn, vläicht éischter op der schwächerer Säit sinn. Mir hu jo d'Tendenz, alles ëmmer méi ze penaliséieren, mä grad dat heite wier vläicht eppes gewiescht, wou ech perséinlech éischter eng Peine criminelle gesinn hätt.

Ech hunn eng eenzeg Suerg, een eenzege Bauchwee, an dat hu mer och an der Commissioun diskutéiert, do geet et ëm d'Territorialitéit vun de Gesetzer. Normalerweis soll e Gesetz sech op Individuen applizéieren, déi an deem Land sinn, wat dat Gesetz hëlt. A mir hunn hei an dësem Gesetzestext een Artikel, an deem virgesinn ass, datt och Faiten, wa se am Ausland stattfannen, kënnen hei zu Lëtzebuerg indemniséiert ginn, pour autant datt d'Victime do net kann indemniséiert ginn.

Ech hat virgeschloen ze soen: «...si cette victime justifie d'une résidence régulière et habituelle au Grand-Duché au moment des faits.» Dat gouf leider net zrëckbehalen, esou datt mer elo kënnen eis Situatiounen virstellen, wou zum Beispill eng Kubanerin, där hiert Land net indemniséiert, an Nicaragua zwangsprostituéiert gëtt an dann iergendwann eng kéier op Lëtzebuerg plënnert an dann hei eng Indemnisation freet. An dat ass eppes, wat ech net satisfaisant fannen.

Fir awer elo net mussen géint deen Text hei ze stëmmen, géif ech, Här President, e Vote séparé op dem Artikel 5 proposéieren, dee menge Leit et géif erlaben, eisen Désaccord op deem dote Punkt auszedrécken an awer trotzdem deem ganz exzellente Gesetzestext hei zouzestëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci och nach dem Här Reding.

De Marc Angel huet seng Emphase domat explizéiert, dass en haut Gebuertsdag huet.

► **Plusieurs voix.** - Ahhh!

► **M. le Président.** - Voilà, da géife mer him fir eng kéier verzeien an him alles Guddes wënschen an dann direkt d'Wuert weiderginn un den Här Justizminister.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. D'Regierung schléisst sech dann och de Gléckwësch fir den Här Angel un, deen trotzdem esou jonk wéi nëmmen eppes ass.

Ech wëll fir d'Éischt der Madame Rapportrice Merci soe fir dee mëndlechen an och schréftleche Rapport, deen och erëmgëtt, wat an der Commissioun fir Diskussiounen waren, nämlech dass do tatsächlech zesummegeschafft ginn ass an och un engem Strang gezu ginn ass.

De Vertrieder vum ADR huet op engem Artikel e Problem. En huet och d'Léisung proposéiert, wéi een aus deem Dilemma erauskënnt, esou dass ech dovun ausginn, dass mer geschwënn en eestëmmege Vote wäerte kënnen huelen op engem Text, dee wierklech eng Matière behandelt, déi vu ganz grousser Bedeitung ass.

Et geet ëm de Mënschenhandel, wat wierklech déi aggressivst an och méprisabelst Form bal ass vu Kriminalitéit, déi awer leider net amgaangen ass zrëckzegoen. Net nëmmen an Europa, och zu Lëtzebuerg muss ee feststellen, dass d'Zuelen an enger negativer Entwécklung sinn. Grond genuch also, fir dogéint virzegoen. Grond genuch, fir déi Schwächte vun eiser aktueller Législatioun wëllen ze bekämpfen an derfir ze suergen, dass mer hei zu Lëtzebuerg vläicht probéieren, besser virzegoe wéi dat an anere Länner de Fall ass.

Ech wëll...

(Interruption)

De Mikro ass un.

(Interruption)

Jo, da muss vläicht do uewen e bësse méi agestallt ginn, da geet dat och méi haart. Ech mengen, dat ass elo de Fall.

Ech wëll net op den Detail vun den eenzele Mesuren agoen, dat huet d'Madame Loschetter gemaach, an och eenzelner vun den Interventionen, déi wierklech an all Detail erkläert hunn, wéi eng nei Rechter, notamment fir d'Victimen, hei derbäikommen.

Ech wëll just zwou Remarquen maachen: eng éischt iwwert de Règlement grand-ducal. Den Här Angel huet dat erwähnt. Deen ass schonn eigentlech zënter 2009 fälleg. Deen ass fäerdeg, deen ass och aviséiert, deen ass och schonn an der Procédure vun der Signature. An dee kéint nach eventuell souguer dës Woch publizéiert ginn, spéitstens déi nächst Woch. Dat ass sécher eng gutt Saach, well mer domadder och d'Aarbecht vum Comité interministériel elo op eng geséichert Basis stellen.

Deen huet wuel scho Retard. Et ass net, wéi wann dee Comité zënter 2009 net existéiert hätt. Deen huet getaagt, awer op eng dann eben net reglementéiert Aart a Weis, op eng - wéi soll ech dat elo soen? -, d'une façon plus décousue huet e seng Aarbecht verricht. Elo gëtt dat méi kloer reglementéiert. Et kënnt derbäi den Travail mat der ITM, awer och d'Classe moyenne. An och, mengen ech, de Volet vum Tourismus spillt do selbstverständlech eng Roll. An dofir ass et och gutt, wann déi zwee Ministèreen och kënnen mat um Dësch setzen, wann dee Comité zesummekënnt.

E Wuert och zum Rapporteur national: Et ass schlussendlech no Diskussiounen zrëckbehalen ginn, dass dat d'Commission consultative des droits de l'Homme wier. Ech halen och déi Commissioun fir gutt outilléiert, fir dat do ze maachen. Et sinn déi richteg Leit. Si hunn déi richteg Kompetenzen. Ob am Kader vun hiren Aarbechten zousätzlech Moyene mussen derbäikommen, dat mussen mer da kucken. Op jidde Fall, wa Moyenen noutwendeg sinn, mengen ech, ass et d'Flicht vun der Regierung, fir ze probéieren, déi ze verbesseren, och wa mer am Moment a méi schwierigen Zäite sinn, fir Moyenen ze verstärken. Mä hei ass mat Sécherheet en Aufgabebitt, wou mer dat méi no wäerte kucken an eis och wäerte beméien, kuerzfristeg ze reagéieren.

Den Här Mosar huet bedauert, dass mer laang gebraucht hunn, fir dës Direktiv ëmzesetzen. Hie sot, et wär am Wesentlechen d'Versäumnis vun der viregter Regierung, e bëssen och vun dëser.

Bei allem Respekt, Här Mosar: Wou solle mir, an





deen en drai Méint, wou mer do sinn, eng grouss Responsabilitéit drun droen, dass d'Direktiv net ëmgesat gouf? Ech mengen, dat war, souguer nuancéiert ausgedréckt, liicht iwwer-driwwen, wann Der eis dee Reproche do formuléiert hutt. Mä mir sollen zesumme frou driwwer sinn, dass mer deen Text och fäerdeg hunn. An et ass bestëmmt net eleng de Mérite vun der aktueller Regierung, well den Text ass jo scho méi laang ënnerwee. Mä ech mengen, mir kréien herno en eestëmmege Vote, an dat ass d'Haaptsaach.

Den Här Angel weist zu Recht drop hin, dass et hei ëm eppes geet, wat de Lëtzeburger Territoire bei Wäitem dépasséiert. Hei schwätze mer vun organisierter Kriminalitéit an Europa. A Lëtzebuerg ass een Element an där Ketten. Vlächtt ass d'„Plaque tournante“ dat falscht Wuert, mä Lëtzebuerg ass oft en Element an der Kette vun där doter Form vun organisierter Kriminalitéit. An de GRETA gëtt Lëtzebuerg, mengen ech zu Recht, awer eng relativ positiv Bewäertung, well awer eng ganz Rei Saachen zu Lëtzebuerg geschitt sinn an och amgaange sinn ze geschéien.

Déi amerikanesch Initiativ vum „Trafficking in Persons“, den TIP: Ech si bei enger Entrevue mam amerikanesche Botschafter informéiert ginn, dass d'USA wëlle hätten, Lëtzebuerg hei eng Stuf erofzesetzen. Ech deelen d'Aschätzung vun Här Angel. Ech mengen net, dass dat justifiéiert ass. Ech maachen och do der viregter Regierung kee Reproche. Déi Kritären an déi Bewäertungen, déi gemaach gi sinn, kënnen iwwerraschend sinn, kënnen och absolut diskutéiert a kritiséiert ginn. Mä ech drécken hei just gären d'Hoffnung aus, dass mer op enger nächster Bewäertung vun deeneselwechte Leit zu enger anerer Konklusioun wäerte kommen.

Mä jiddwereen ass dann hei schonn och informéiert, dass mer viraussichtlech nach an deem Mount déi doten net Bewäertung wäerte kréien. Mä mir mengen net, dass et richtig ass, Lëtzebuerg do an e schlecht Liicht ze stellen.

De Rapport GRETA, deen de Moien an der Commission juridique presentéiert ginn ass, deen e multilateral ass, wéi den Här Angel zu Recht bemierkt huet, stellt eis eng ganz aner Zensur aus. A mir mengen, dass déi méi richtig ass wéi déi, déi mer elo vun den Amerikaner am Joer 2013 ausgestallt kritt hunn.

Dat gesot, soen ech lech nach eng Kéier Merci, wéi gesot, fir den eestëmmegen Appui zu deem Projet de loi. Et ass e ganz wichtege Text. Mir wäerten an dëser Matière hei an deenen nächste Jore mat Sécherheet aktiv bleiwen. An et fänkt u mat enger Informatiounscampagne nach am Laf vum Joer 2014, fir ze sensibiliséieren, fir ze informéieren. D'Matière ass et derwäert. Do si vill Schutzbedierfeger, déi d'Attentioun an d'Protektioun vum Stat brauchen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Justizminister.

### Article 5

Ech hu verstanen, dass e Vote séparé iwwert den Artikel 5 gefrot ginn ass vum Här Reding. Beim Artikel 5 geet et drëm, dass och Victimen, déi hir Residenz net hei zu Lëtzebuerg hunn, kéinten indenniséiert ginn. A wann ech richtig verstanen hunn, sidd Dir wéinst Bedenken, dass dat kéint ausufern, domat net d'accord. Ech géif dofir proposéieren...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Ech wollt just preziséieren, wann Der erlaabt, Här Chamberspräsident.

► **M. le Président.**- Madame Rapportrice, jo.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Als Rapportrice wollt ech preziséieren, datt, wann ech et richtig verstanen hunn, dem Här Reding a wahrscheinlech och senger Sensibilité politique hire Problem ass, datt eng Persoun, där Schued geschitt ass an engem Drëttland, déi selwer vun engem aneren Drëttland kennt an duerno iergendwann op Lëtzebuerg kennt an da scho wuel hire festen a reguläre Wunnsätz hei huet - well esou steet et am Gesetz -, datt dann déi Persoun kéint kommen a soen: „Lauschtert emol, ech kommen zwar zum Beispill vun de Philippinnen, ech si virun zwee Joer Victime ginn a Kuba. Kuba huet kee Gesetz, fir mech ze indenniséieren. Ech wunnen zwar elo schonn zwee Joer hei regelméisseg zu Lëtzebuerg...

► **M. Roy Reding** (ADR).- No de Faiten.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Duerno.

...an ech géif elo gäre vun lech indenniséiert ginn.“ Dat ass méiglech duerch dat heite Gesetz, theoretesch, an der Praxis och. An dat ass dat, wat der Sensibilité politique net passt.

Also, et muss ee schonn e regulären a regelméisseg Sätz zu Lëtzebuerg hunn. Mä wann engem virdrun an engem Land eppes geschitt ass an et kennt ee vun engem aneren, dann...

### (Interruption)

Voilà!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Voilà!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Dat gefält lech net esou an dofir ass dee Vote séparé. Mä déi Prezisioun ass wichteg, datt ee muss regulär hei wunnen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech hu just eng praktesch Fro, vu dass mer jo de Mëtte schonn eng Kéier iwwert d'Reglement gestëmmt hunn.

Bis elo war et jo ëmmer esou, dass e Vote séparé, wann e gefrot ginn ass, vu fënnf Deputéierten huet missen ënnerstëtzt ginn. Mir hunn zwar wäitgehendst déi Rechter fir eenzel Deputéiert a Sensibilitäten ausgedehnt, mä da géif ech froen, ob fënnf Deputéiert dee Vote séparé ënnerstëtzen.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Jo, Här President, mir ënnerstëtzen dee Vote, awer nëmmen aus techneschen an demokratesche Grënn. Mam Inhalt si mer net d'accord a mir wäerten och dee Projet, also deen Artikel, dee contestéiert ass vun der ADR-Sensibilitéit, awer stëmmen. Mä mir ënnerstëtzen de Vote séparé zu deem Artikel.

Dat sollt ofgeschafft ginn an der Kommissioun, an der Reglementskommissioun, déi Noutwendegkeet, fir fënnf Leit mussen ze hunn. Mä mir hunn awer festgestallt, dass et leider an der Verfassung steet, esou dass et net aus dem Règlement konnt erausgeholl ginn.

An aus deenen Ursachen, mengen ech, Raison de plus: All Kéiers, wann e Vote séparé gefrot gëtt vun engem, deen net genuch Stëmmen huet, wäerte mir dat ënnerstëtzen aus demokratesche Grënn.

### (Interruptions)

► **M. le Président.**- Jo. Ech gi jo net dovun aus, dass dat eng Virukënnegung vun engem Groupe technique ass. Esou hunn ech dat jo...

### (Hilarité)

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Dat hutt Der ganz richtig verstanen, jo.

► **M. le Président.**- Merci. Da géife mer zum Vote séparé iwwert den Artikel 5 iwwergoen.

### Vote séparé sur l'article 5 du projet de loi 6562

De Vote geet un. Also déi, déi mam Artikel 5 d'accord sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi net mam Artikel 5 d'accord sinn, stëmme mat Neen.

D'Votes par procuration sinn och geschitt. Enn vum Vote.

Fir den Artikel 5 si 57 Votanten. Neen: 3, Abstentionen: 0, esou dass den Artikel 5 ugeholl ass.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Da géife mer iwwergoen zum Vote iwwert den Ensembl vum Projet.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6562 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. Enn vun der Ofstëmmung.

59-mol Jo, 0 Abstentionen a keemol Neen. Domat ass de Projet adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6562 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Sidd Der d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn?

### (Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Villmools Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6563A, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Attachés de justice. Riedezäit nom Basismodell. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Roth, d'Madame Beissel, den Här Bodry.

An déi honorabel Deputéiert, d'Rapportrice, d'Madame Viviane Loschetter, huet d'Wuert.

### 10. 6563A - Projet de loi portant modification

#### 1) de la loi du 7 juin 2012 sur les attachés de justice;

#### 2) de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

### Rapport de la Commission juridique

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, just eng kleng Remarque introductive: Dës Regierung ass ugetruede mat deem ambitiësen Zil, eise Justizapparat ze moderniséieren.

### (Interruption)

D'Justiz och, richtig.

► **M. le Président.**- Loosst lech net oflenken, Madame Rapportrice!

### (Hilarité)

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng), rapportrice.- Ech ginn dem Här Kartheiser awer recht. Mä bon, nach eng Kéier: De Justizapparat ze moderniséieren. D'Justiz an d'Aart a Weis, wéi se fonctionnéiert, soll un d'Ufuerderung vun der heiteger Zäit ugepasst ginn. Si soll méi séier kënnen fonctionnéieren an awer den Usproch erfëllen, d'Prinzipie vum Rechtsstat ze respektéieren. Si soll dem Bierger méi kloer verständlech sinn an natierlech fir jiddwereen zougänglech sinn.

Dës héich Uspréch wäerte mer an deene kommende Méint a Joer mat konkrete Reformspropositionen ugoen. An ech si frou, lech haut kënnen en éischte kleng Schrëtt vun dësem Prozess duerzeleeën.

Mam Gesetzesprojet 6563A, deen haut zum Vote steet, schafe mer déi legal Basis fir d'Mutabilitéit vun de Magistraten tëscht de Juridictionen. Si kënnen also an Zukunft vum Ordre administratif an den Ordre judiciaire wiesselen an ëmgedréint. Gläichzäiteg erlaabt d'Gesetz

och en Engagement vun zwee neie Jugë fir den Tribunal administratif.

De Projet de loi 6563 gouf den 11. Abrëll 2013 vum deemolege Justizminister Biltgen déposéiert. Et goufen zwou Serie vu Regierungsamendementen: déi éischt am Juni an déi zweet am September 2013. De Conseil d'Etat huet a sengem Avis vum 2. Juli 2013 der Chamber proposéiert, de Gesetzesprojet an zwee Deeler opzedeelen, fir datt d'Ästellung vun deenen zwee Juges fir den Tribunal administratif, déi do dréngend gebraucht ginn, esou séier wéi méiglech kann iwwert d'Bühn goen.

D'Commission juridique an hirer neier Besetzung huet dëser Urgence Rechnung gedroen, esou datt mer haut den éischten Deel vum urspréngleche Projet de loi scho kënnen stëmmen.

Eng zweet Ursach ass sécherlech och déi, ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck, datt mer elo déi éischt Stagiairen hunn, déi elo erauskommen - drécken ech mech emol esou aus -, an déi solle scho kënnen vun deene Méiglechkeeten vun der Mutabilitéit profitéieren. Dofir ass d'Urgence och nach eng Kéier esou wichteg, fir datt mer dee Gesetzesprojet grad elo stëmmen, fir deene Stagiairen déi Méiglechkeet ze erlaben.

Erlaabt mer, dann nach e puer Wierder iwwert de Fong awer vum Gesetzesprojet ze verléieren: 1996 goufen d'Juridictions administratives geschafen an hir Organisation huet sech gréisstendeels un de Juridictions judiciaires inspiréiert, esou wéi se am Gesetz vum 1980 beschriwwen sinn.

E groussen Ënnerschied war awer, datt d'Magistraten am Ordre administratif direkt genannt goufen, ouni duerch e Stage ze goen. Déi Leit hunn hire Beruff missen direkt am Alldag léieren, wat natierlech eng schwierig Situatioun duergestallt huet.

Dëst gouf dann awer mam Gesetz vum 7. Juni 2012 geännert, an zanterhier mussen d'Magistraten en obligatoresche Stage duerchlafen, egal ob se herno an den Ordre judiciaire oder an den Ordre administratif genannt ginn.

Elo, wou déi zwee Regimen uneneen ugeglaach goufen, gëtt et dann och méiglech, d'Mutabilitéit tëscht deenen zwee Ordres anzeféieren. Dat wëlle mer mat dësem Gesetz erreechen. Dës Mutabilitéit ass wichteg fir d'Attraktivitéit vum Beruff: Si verhënnert nämlech, datt d'Attachéen direkt am Ufank vun hirer Carrière mussen e Choix treffen fir deen een oder deen aneren Ordre, net onbedéngt en fonction vun hire Präferenzen oder hirer beruflecher Erfahrung, mä eben en fonction vu Plazen, déi grad dee Moment op sinn, an datt se da souze-soen „liewenslänglech“ kréien, ouni d'Méiglechkeet ze hunn, vun engem Ordre eriwwezwewisselen, oder ouni Verloscht vun hirer Anciennetéit.

Den Artikel 1 vum Gesetzesprojet ännert d'Gesetz iwwert d'Justizattachéen of a féiert en neien Artikel 17 an.

De Paragraph (1) féiert d'Mutabilitéit an. D'Magistraten aus dem Ordre judiciaire oder dem Ministère public kënnen an Zukunft an den Ordre administratif eriwwezwisselen an ëmgedréint. Am Ordre judiciaire kënnen se natierlech och weiderhi vun engem Siège bei de Parquet wiesselen.

De Paragraph (2) vum neien Artikel 17 organiséiert dës Mutabilitéit an der Praxis. Mir brauchen nämlech e Rang commun vun de Magistraten an deenen zwou Juridictionen. Well d'Nominationen an deenen zwee Ordren awer bis zum Gesetz vum 2012 därmoosse verschidde gehandhabt gi sinn, wäert de Rang commun, an domadder d'Mutabilitéit just fir déi Magistraten am neie Regime ab 2012 gëllen.

Am Ordre judiciaire ginn et Conseillere a Jugen. Am Ordre administratif ginn et just Jugen. En éischte Schrëtt besteet also doranner, de Rang vum Conseiller am Ordre administratif anzeféieren.

Wann dëst Gesetz bis gestëmmt ass, gëllen an deenen zwou Juridictionen identesch Regeln, fir de Rang vun de Magistrate festzeleeën. Dat, wat dann nach feelt, ass eng gemeinsam Ranglëscht fir sämtlech Magistraten aus deenen zwee Ordren. Fir dës gemeinsam Ranglëscht festzeleeën, brauche mer eng Prozedur, an déi déi zwee Ordre mat agebonne ginn.

Wat mer hei am Gesetzesprojet proposéieren, inspiréiert sech un der Prozedur, fir d'Membere vun der Cour Constitutionnelle ze nennen. Hei kommen déi zwou Cours supérieures, déi eng vun der Justiz an déi administrativ, an enger Assemblée générale zesummen, fir d'Conseillere vun der Cour Constitutionnelle ze nennen. Esou eng Assemblée générale vun deenen zwou Cours géif dann déi gemeinsam Ranglëscht vun de Magistraten aus deenen zwee Ordre festleeën. Domadder wäeren dann och an